
A6 - 13 Gey 1

# ENG FEIN FAMILL

(SCENE TRAGIQUE EN 3 ACTES)



THEATER 1982

LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

IDDEEN VUN DEN HOUWALDER EXPLORER

GESCHRIWWEN VUM J.J. AN F.P.

## 1. Szen : Doheem an enger komescher Famille

D'Famille (Mamm, Grousselteren, 4 Jongen) sötzt zesummen an der Stuff. Et as Zirk an Zodi op der Bühn. Den Josy (een klengen) übt Messerschéissen. Den Toni (een langen) esst wéi en Buschtenkenner. Déi 2 aner (möttelgrouss) zerklappen sech. Den Bop guckt mat Begeeschterung en harden Krimi um Fernseh. (Sirenen, Bremsen etc). D'Bom lauschtert eng rockeg Plack (Plastic Bertrand: Ca plane pour moi). D'Mamm kliewt Steckbréifer an den album.

Mamm : Ech muss gleich en neien Album kaafen goen. D'Famill mecht sech. All Mount könnt eng nei Serie vun Steckbréifen eraus. Josy, hal mol op mat Schéissen. Gleich hun ech keen Kneip méi am Haus fir d'Gromperen ze schielen.

Josy : Mach der neischt doraus, Mamm. Ech gin der mar en neien schuppen.

Toni : (hält op mat Schmatzen) Mamm! Weis mir en Steckbréif vun mir. Ech gesin mech esou gären.

Mamm : Hei, mein Jong! Hei ass en schéinen!

Josy : Besondere Merkmale: Allesfresser! (weist en Teller wou den Toni dran gebass huet; alles lacht.)

Bop : Roueg!!! Sidd dach emol roueg!!! ... Ech verstin den Fernseh net méi! (Bremsen, Sirenen).
An du (weist op d'Bom), stell deng Affemusek of. Soss mussen mir nees bei den Masseur, wells du d'Reckkreiz verstaucht hues... An deng Discosrollschong hun ech eweggepucht!
D'Famill mecht mech nach Matsch an der Bir!

Bom : Alen Knouterer! Mat 80 Joer sin ech nach net zeideg fir an d'Altersheim. Do können sie nach e puer Joer warden. Allez hopp, (rappt den Bop aus der Fautell), e besschen méi Jumm, soss verrascht du mer nach! (Plak méi haard, sie hopsen ronderem).

(De Papp könnt erem vun enger krommer Tour, mat engem Sack um Reck. Hien ass zerfatzt, zerschoss an total futti.)

Papp : Wat sin ech freckt! (geheit fen Sack op den Dösch). Brengt mir eng Fläsch Béier an eng Dröpp!

Jacki : Hei Pappi! (stellt alles dohinnen) Huet alles geklappt?

Papp : Ech mengen, ech hun haut den groussen Coup gelandt. Eng Bijouterie hun ech komplett ausgeraumt!

Mamm : Endlech kréien ech mein Diamantencollier!

Papp : Lues, lues! (schött den Sack aus; Spillsaachen kommen erausgefall. Alles lacht.)

Willi : Papp, du hues dech an der Adress geirrt. Du wars am Kannerbuttek niewendrun. (sie fänken un domatt ze spillen an lachen sech futti dobei.)

Papp : Nondikass! Alles kann ech eleng machen. Ech riskéieren meng Freiheet, mein Liewen, kurz gesot alles! Mais ausgelaacht get een, wann eemol eppes schief leeft. Keng Sau déi engem hölleft!

Bop : Hei am Fernsch, dat sin Typen! Déi knacken Milliounen an flott Fraleit! An du, du brengs e puer Dinky Toys mat heem!

Papp : Ech hun es satt! Wann een et besser kann, soll hien et selwer probéieren. Mat der Schness an beim Ferseh sidd dir all deck do! Déi nächst Woch bleiwt den heiten doheem.

Josy : Papp, klamm erof vun dengem Bam! Wat hues du fir eng Ahnung wéi mir schaffen! Ech hun <u>dé</u> Coup geplangt. D'Zeitungen wärten nach Méint lang dovun schwätzen. Méi soen ech net. Et soll eng Iwerraschung gin... Jongen, huelt ärt Handwierksgeschirr! (Sie huelen Revolver etc; Den langen Toni hölt eppes mat fir z'iessen.)

Mamm : Oh, wéi schéin! Elo kréien ech nach vill Material fir den Familjenalbum. (Sie gin fort.)

## <u>2. Szen : Am Prisong</u>

Déi 4 Bridder sötzen am Prisong.

Willi : Du (weist op den Josy), du mat dengen genaialen Iddéen! Sie sin nach schlömmer wéi dem Papp seng.

Jacki : Léiwer spillen ech mat geschuppten Dinky Toys doheem, wéi hei ze vermuschten.

Toni : Ech sin hongerech. Wéini get et eppes z'iessen?

Josy : (fiert aus der Haut) Du... du... ech schloen dech freckt. (höllt den Toni mam Colli.). Du mat dengem ewechen Gefréiss hues eis verroden. (rösselt en) Den Här sollt Wuecht halen, den Här awer geet gemiddlech bei d'Houwalder Explorer eng Tutt Fritten kaafen.

Toni : Ech war hongerech.

Josy : Elo bass du gleich nie méi hongerech! (sprengt op den Toni, déi aner 2 versichen sie ausernén ze rappen. 2 Prisongs-waerteren kommen erangerannt a schloen och dran.)

1.Gichtchen: Wat ass hei lass?

Toni : Ech hätt gären eppes z'iessen!
(Josy sprengt op den Toni duer. Gerangels.)

2.Gichtchen: Alles an den Haff! an d'frösch Loft! dat berouegt iech!
(Sie dreiwen déi 4 eraus.)
(Am Prisongshaff sin déi 4 Bridder, e puer Panzerknacker, e Pirat, e Polizist mat enger decker Bull mat der opschröft "Affäre" tröppelt vir lanscht, 4 Gichtecher)

3.Gichtchen: Wien huet den Schlössel vun der vischter Part? Ech hun méin doheem leie geloss.

Panzerknacker: Hei! (Sie weisen d'Schlösselen.)

Pirat : Dir braucht keen Schlössel! D'Dir steet nach op vun geschter owend.

Polizist : Jo, mir waren an Clausen op d'Béierfest.

2.Gicht. : (peift) D'Paus ass eriwer! (Déi 4 gin zreck an hir Zell.)

4. Gicht.: Et ass Besuch fir iech do. Behuelt iech anstänneg!
(D'Elteren an d'Grousselteren kommen eran.)

Papp : Hei sötzen se, déi gréissten Gangsteren vun eiser Zeit! Déi, déi alles besser wössen. D'Zeitungen lachen sech kapott iwer hir Dommheet. Hahaha!

Mamm : Papp, siew dach roueg! Jongen, ech hun e puer Fotoen vun iech aus den Zeitungen geschnidden. Den Toni ass am beschten geroden.

Toni : Jo, kuck do! D'Fritten hun sie mir dobei ömgestouss!

Papp : Dat war manner wéi neischt! Et ass eng Schan fir d'ganz Famill! An dobei war den Bop den gréissten Postkutschenreiber aus dem Esleck!

Bop : Sie hun mech den Robin Hood vun Knaphouschend genannt.

Josy : Wann dem verfrossenen Toni seng lang Treip keng Männecher gemat hätt, séitzen mir elo op den Seychellen an der Sonn.

Willi : Campari, Campari!

Papp : Wann, wann.....

LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

Mamm : Sot neischt géint den Toni. Hien ass den schéinsten op allen Fotoen.

Josy : Jo, deen schéinsten, mais och deen dommsten! (D'Mamm heet dem Josy eng erof.)

Bomi : Jongen, losst den Kapp net hänken.

Bop : Eiser een soutz och emol am Prisong. Knapps hatten sie mech dobannen, schons war ech nees dobaussen!

Bom : Decken Schnessert! Wann ech dech net erausgeholl hätt, géif dein Skelett nach haut do setzen.

4. Gicht.: D'Visite ass eriwer!

Bom : Hei Jongen, d'Bomi huet iech nach eppes guddes gebackt. (Sie soen sech eddi, den Toni fresst den Kuch.) Josy, am Kuch ass eng Feil verstoppt fir auszebriechen. (D'Famill geet vun der Bühn. Alles sicht nom Kuch.)

Josy : Wou ass den Kuch?

Toni : Ei, wat war dat en gudden Kuch! (reiwt sech den Bauch.)

Willi : Wou hues du d'Feil geluegt?

Toni : Watfir eng Feil?

Jacki : D'Feil am Kuch.

Toni : Bannen war den Kuch e besschen zéi, mais soss hun ech neisch gemierkt.

Josy : Ooooh, dat Rendvéih!!! Packt mat un! Waart du, mein Männchen! (Den Toni get emgedréit an geressel d'Feil könnt gefall.) Wann mir dobaussen sin, kanns du eppes erliewen. Da get et Knuppefreed! (Sie machen sech direkt un d'Arbecht an sangen d'Lidd: Hei kann ech net bleiwen ...)

Jacki : Nach eng Minute, dann sie mir hei eraus! (reiwt sech den Schwees. Eng Schell geet.)

Toni : Ei, elo könnt gleich d'Nuetsiessen! Ech sin richteg hongerec[h] Ech bleiwen nach e bösschen.

Josy : Heihin, d'Nuetsiessen kanns du dir hannert d'Oueren schreiwen. Mir machen eis elo duerch d'Bascht.

Toni : Ech bleiwen hei! Ouni eppes am Mo gin ech net ennert Leit!

Josy : (schléit den Toni k.o.) Des Kéier muss et klappen! Hölleft mir! (et knuppt fatzeg. Stöps. Steng kommen gefall. Den Bop luusst duerch d'Mauer.)

Bop : Jongen, ech lossen iech net am Stech. mir no! (Sie versch wannen.

2. Gicht.: (mam Iessen) Alarm! Alarm! Eng Fuite!!!

1. Gicht.: (könnt gerannt) Ech ruffen den Direkter! ... Här Direkter, déi 4 Dullessen sin ungedreckt.

Direkter : Keng Panik! (könnt mam Hond Rangpangdran) Komm Rangpangdran! (schleeft den Hond no) Da komm! Such, such! Brave Mupp! (den Hond leet sech)

1. Gicht.: Elo sin mir gerett. Dat as den dommsten Hond aus der Emgéigend.

2. Gicht.: Den Hond ass dat lescht! mir hun besser, mir ruffen den Lucky Luke.

## 3. Szen : Op der Flucht

Den Lucky Luke mat sengem Supervelo an den Direkter mam Rangpangdran stin op der Bühn.

Lucky L. : Mein leiwen Här Direkter! Aert Haus hei, dat ass keen Prisong, dat ass eng Passe-Vite!

Direkter : Lucky Luke hölleft mir! Meng Pensioun huelen sie mir soss ewech! Dir musst déi 4 fannen. Dir sidd deen eenzegen hei am Land, deen dat ferdegbrengt.

Lucky L. : Dann bleiwt mir neischt aneschtes iwwerech.

Direkter : Oh, villmols merci! Hei kritt dir nach eng Wertvoll Höllef mat. (gött him den Rangpangdran).

Lucky L..: Och deen nach. Hun ech net Misär genug mat den 4 Dullessen! (Sie verschwannen vun der Bühn.)

(Josy, Willi, Jacki lafen mam Sträflingskostüm + deck Bullen iwert d'Bühn.)

Josy : Wou ass den Toni? (Toni kennt gemiddlech, schmatzt vill an huet e Grapp voller Aeppel.) Onverbesserlechen Typ! Weider! Wann mir net déi verschassen Kugelen un den Been hätten, wären mir, schons lang iwer Dall an Bierg!

Jacki : Mir brauchen och anert Gezei! Soss mengen d'Leit jo, mir wären aus dem Prisong.

Willi : Bleiwt emol stoen! Ech hun eng iddee. Ech schloen mat mat menger Bull deng Ketten futti. (schmeisst seng Bull op dem Josi sein Fouss.)

Josy : Au... au... au!!! Kaf der en neien Bröll! Mein Fouss!... Mein Fouss!!! (Den Toni sötzt do an feilt gemiddlech un senger Ketten.)

Josy : (sprengt op den Toni duer) Gef déi Feil heihinnen, du Idiot! Kanns du dat net éischter seen. (Siren am Hannergrond. Alles sprengt hannert eng Heck. Den Toni bleiwt stoen.)

Toni : Endlech en Auto! Hoffentlech hölt deen mech mat, well ech hun d'Feiss wée (mecht Autostopp; déi aner zéien en zreck hannert d'Heck. Et rabbelt do. Den Lucky Luke kennt man Hond. Den Hond rappt an dei falsch Richtung.)

Lucky L. : Ah, du rapps dohinnen! Dann sin sie bestömmt an déi aner Richtung gangen. (Sie verschwannen eröm.)

(4 Kanntonniers stin do op hirer Schöpp gesteipt. Déi 4 Dullesen kommen lanscht, weisen, tuschelen, tröppelen nach eng Kéier lanscht. Luet geet aus, d'Luet geet un. Déi 4 Kantonniers stin d'selwecht do wéi virdrun, mais nömmen méi an Kalzong.)

1. Kanton.: Wirwat ass den Jhemp haut net hei?

2. Kanton: Hien huet sech krank gemellt!

3. Kanton: Et ass him geschter eng passéiert.

1+2. K. : Oooh?

4. Kanton: Den Jhemp huet eng Strossesoit gekiert. Virun him as en Schleeck gekroch, deen hien einfach net erömkritt huet. Dobei huet hien sech iwerustrengt an huet missen mat Herzklappen doheem bleiwen.

1.+2. K. : Schlömm! Schlömm!

(2 Gendarmes fueren mam Auto lanscht; sie gesin déi 4 Kantonniers am Kalzong, vergiessen dobei op d'Stross ze kucken an gin mam Auto bei. Duerno kömmt den Lucky Luke lanscht an hien geseit och déi 4 Kantonniers.)

Lucky L. : Ech mengen, ech sin op där richteger Spur! (verschwönnt)

(Déi 4 Dullesen kommen op d'Bühn mat hiren neien Kleeder.)

Jacki : Wat machen mir elo?

Toni : Mir gin iessen!

Josy : Ehalt! Für d'éischt brauchen mir Mönz an eng Flönt!

Willi : Dohannen (weist) as eng Uertschaft!

Josy : Jidferen versicht sein Gleck op seng eegen Fauscht! Hoffentlech kréien mir e puer Sou zesummen fir eis an d'Ausland ofzesetzen. (Sie verschwannen; Gichtecher kommen op d'Bühn geschlappt.)

1. Gicht.: Wat hun ech d'Latschen esou wéi! An nach emmer hun mir neischt fonnt.

2. Gicht.: Kuck meng Zéiw, holl en blo! (huet den Schong aus)

3. Gicht.: Dat könnt vun den neien Spuermossnamen vun eiser Regierung.

4. Gicht.: Fir ze spueren, kafen sie jidferengem seng Dengschtschong eng Nummer ze kleng!

3. Gicht.: Keen Wonner, dat sie eis all aus dem Gronn fortlafen. (Sie verschwannen. 3 Dullesen kommen zreck. Sie gesin schlöm aus: zerfatzt, zerschoss etc)

Josy : Keng Chance! Ech sin nach jhust dovun komm.

Jacki : Dat war knapp!

Willi : Keen Frang hun ech gerafft... Do könnt den Toni! Hien huet en Sack voll.

Josy : Mir sin gerett! (Den Toni könnt mat engem decken Sack erbei)

Willi : Mech rennt e Pärd!

Jacki : Toni, du bass de King! (Den Toni päckt lauter Iesswueren aus

Toni : Ech hun geduecht, dat mecht iech bestömmt Freed wann ech eppes fir z'iessen matbrengen!

Josy : Ech flippen aus! Woumat hun ech esou en Brudder verdengt? Wou ass den nächsten Nervendokter? Ech gin geckeg... geckeg.. (berouegt sech lues a lues)

Jacki : Wat elo?

Willi : Komm, mir gin bei den Monni Hari!

Josy : Wirwat hun ech net un den Monni Hari geduecht!

Jacki : Hien hölleft eis bestömmt. Hien ass jo schliesslech den Sous-chef vun der Mafia vun Schlennermannesch! (Sie verschwannen; d'Epiceriefra begéint dem Lucky Luke)

Epiceriefra: Stellt iech vir. Mech, al Fra hun sie iwwerfall. E langen Lala huet mir meng Epicerie durcherneen bruecht. Suguer d'Kannersuckelen huet en matgeholl.

Lucky L. : Ech sin nach emmer richteg. Dat kann nömmen den langen Toni gewiersecht sin. Madame, keng Angscht! Den langen Toni suckelt net méi lang. (hiewt eng enidel Tutt op.) Ech gin desen Spuere: no. Da fannen ech sie bestömmt. (hiewt dauernd Iessreschter o

(Déi 4 Bridder kommen ausser Otem beim Monni Hari un. Sie schellen. Keng Reaktioun.)

Josy : Do hänkt e Schöld. Lies du (weist op den Jacki). Ech hun vum 1. Schouljoer un blo gemat.

Jacki : Bin geplündert! Wohne auf Kosten des Staates im Grund.

Willi : Et scheng och net deck mam Monni Hari ze sin.

Josy : Suguer op d'Grondwerter vun der Gesellschaft ass keen Verloss méi. D'Familljе léisst een am Stech. Wien kennt haut nach den Wert vun der Famill? Keen!!! Kee Wonner wann dann deenen aneren Leit hir Kanner op d'schief Bunn geroden

(Sie setzen sech virun Dir. Den Rangpangdran könnt bei sie getröppelt an léisst sech hemelen, leckt sie.)

Toni : Oh, wat en léiwen Muppi! Wiem sein bass du dann?

Josy : Verschwann du Baschtert! (rennt no him a get gebass)

(Den Josy deet Kreesch wéi e Märder. Den Hond billt. Den Lucky Luke, d'Gichtecher an den Direkter kommen gerannt an huelen sie all fest.)

Direkter : Rangpangdran, du bass en As. Dofir kriss du d'Medaille vum "Mérite en or de Klensch"!

Rangpangdran: Wéi dann, wat dann??? Wat hun ech dann elo verbrach? Emmer sin sie rosen mat mir!

1. Gicht.: Dat hun mir fein gedeichselt. Eng Promotioun ass eis secher

3. Gicht.: Den Lucky Luke hätten mir guer net gebraucht.

4. Gicht.: Wien huet en iwerhapt geruff?

Toni : Gin mir gleich? An enger Stonn get et z'iessen am Prisong. Haut ass Frittendag! (Déi 3 aner sprangen op en duer).

(Luet aus mat Ausnahm vun engem Scheinwerfer. Op der Bühn ass en Kaktus zu gesin an engen Krees Luet. Den Lucky Luke fiert lues mam Velo vun der Bühn währenddeem d'Lidd leeft: I'm a lonesome cowboy.)

R I D D O